N°821
Entrée le 30.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Hei am Land ass et erlaabt, fir d'Fënsteren vun engem Auto ze téinen, soulaang et net déi viregt Fënsteren vum Auto souwéi d'Windschutzscheif (pare-brise) betrëfft.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Bei wéi enge Gefierer ass et erlaabt, fir och déi virëgt Fënster an engem Auto téinen?
2. Wéi ginn Gefierer behandelt, déi aus dem Ausland heihinner kommen a wou d'Windschutzscheif getéint gouf? Dierfen dës Autoen hei op eise Strooss fueren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°821
Entrée le 26.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äentwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°821 vum 30. Mee 2024 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen iwwert « Vitres teintées des voitures »**

Den honorabelen Deputéierten freet ënnert wéi enge Konditioune getéinte Fënstere bei Autoen zu Lëtzebuerg zoulässeg sinn.

No Consideratioun vum Artikel 46 vum Code de la route an dem EU Reglement 2019/2144, ass d'Ubrénge vu Folie op Fënsterescheiwen bei all de Gefierer ausser bei de Busser (Kategorie M2 a M3) erlaabt. Um Pare-brise ass et nëmmen erlaabt wann d'Sicht net verzerrt, behënnert oder Liichtduerchlässegkeet vun der Scheif op manner wéi 70% reduzéiert get, wéi zum Beispill, ee schmuele Sträifen um ieweschten, ënneschten oder säitleche Rand vum Pare-brise als Sonneblendsträif. Déi Folie muss awer d'Sichtfeld wéi um Bild 2b) vum Artikel 46 vum Code de la route illustréiert ass, net iwwerschreiden a muss dofir vun enger zoustänneger nationaler Autoritéit an engem Memberstaat vum Europäesche Wirtschaftsraum homologéiert gi sinn. Bei de viischte Säitefënstere gëllt dat selwecht ausser, datt do op déi ganz Fënsterscheif eng Folie geklieft ka ginn.

Auslännesch Gefierer ginn net aneschters behandelt wéi déi national Gefierer an an der Annexe I vum Code de la route si Geldstrofe virgesinn. Bei Verstéiss kann d'Gefier zu enger technescher Iwwerpréiwung verflicht ginn an et kann een Uerder zum Ewechhuele vun der onerlaabter Folie ginn.

Gefierer déi aus dem net EU-Ausland importéiert ginn, musse fir déi national Zouloossung den europäesche Bestëmmungen ugepasst ginn.

Lëtzebuerg, den 26. Juni 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes